WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG

# INFORMATIOUNE FIR DE BIERGER 2023





**JIDDEREE GEET WIELEN DEN 11. JUNI 2023!** Säit 3

**ALLE ZU DEN WAHLURNEN AM 11. JUNI 2023!** Seite 4

**EVERYONE AT THE POLLS ON JUNE 11, 2023!** Page 5

echkawielen.lu

# Inhalt


Jidderee geet wielen den 11. Juni 2023! 3
Alle zu den Wahlurnen am 11. Juni 2023! 4
Everyone go and vote on June 11, 2023! 5
D'Gemeng 7
De FUUSS 8
Offall 8
Wat maache mat doudegen oder blesséierten Déieren? 10
- Opgepasst! 10
- Blesséiert a krank Déieren 10
- Doudeg Déieren 11

Mobilitéit 12
De Bummelbus 13
Den Nightrider 13
Tourissem 14
Carte d'identité 16
Pass 17
Braucht Dir Hëllef? 18
- Urgence 18
- Police 18
- Medizinesch Servicer, Hëllef doheem 18
- Defibrillateur 19
- Sozial Hëllef 19

Heinzelmännercher 20
Service aux citoyens 20
Club Senior an der Loupescht 21
Maison relais a Schoul 22
Elterevertrieder 23
Schoultransport 23
Service krank Kanner 24
Verluer a fonnt 24
De Bicherbus an d'Bichersail 25
Associatiounen a Veräiner 26



**Impressum:**

Texter: Marc Barthelemy, Martine Dimmer, Fotoen: Damaris Pletschette

Grafesch Gestaltung: Susanne Hangarter, Impressioun: Imprimerie de l'Est, Echternach

Responsabelen Editeur: Gemeng Waldbëlleg

Virlag fir dës Texter iwwer d'Walen vu www.jepeuxvoter.lu, Englesch Iwwersetzung: Henry Wickens

echkawielen.lu

# JIDDEREE GEET WIELEN DEN 11. JUNI 2023!

**Léif Matbiergerin, léiwe Matbierger,**

déi nächst Gemengewale sinn den 11. Juni 2023. Et geet ëm den neie Gemengerot.

Dëst sinn déi éischt Gemengewalen, bei deenen Net-Lëtzebuerger Awunner kënne matmaachen, och wann se nach keng 5 Joer hei wunnen.

Fir un de Gemengewalen deelzehuelen, musst Dir 18 Joer al sinn, d. h. se spéitstens bis den 11. Juni 2023 kréien. Dir musst an der Gemeng wunnen an Iech 55 Deeg virun de Walen op de Walléschten aschreiwen, also bis de 17. Abrëll 2023. Wann Dir Lëtzebuerger sidd, stitt Dir do automatesch op deene Lëschten drop.

Dir kënnt Iech op de Walléschten am Populatiounsbüro vun der Gemeng aschreiwen oder online iwwer **www.guichet.lu** mam QR-Code:

Wann Dir op de Walléschten ageschriwwen sidd, hutt Dir dat aktiivt an dat passiivt Walrecht. Dir musst wiele goen, dat ass obligatoresch. Dir däerft Iech och opstelle fir gewielt ze ginn, wann Dir bis spéitstens den 12. Mee 2023 Är Kandidatur an der Gemeng stellt, zu deenen Auerzäiten, déi d'Buergermeeschtesch dofir festleet.

D'Gemengeconseillere gi fir sechs Joer gewielt a kënnen erëmgewielt ginn. Wieler hunn esou vill Stëmmen ewéi Conseilleren ze wiele sinn, also 9 an eiser Gemeng Waldbëlleg. An eiser Gemeng mat manner ewéi 3.000 Awunner gëllt de System vun der relativer Majoritéit (Majorz), d. h. d'Kandidate ginn an der Reiefolleg vun de Stëmme gewielt, ouni datt d'Sëtzer duerch d'Proportionalitéit vun de Kandidateléschte verdeelt ginn.

Informatiounen: **www.jepeuxvoter.lu**

Andeems Dir bei de Gemengewalen matmaacht, engagéiert Dir Iech, fir Iech selwer, fir Är Familljen a fir d'Zesummeliewe vun alle Bierger aus der Gemeng.
Dir decidéiert d'Zukunft vun Ärer Gemeng. Bis den 11. Juni 2023!

De Gemengerot

ichkannwaehlen.lu

# ALLE ZU DEN WAHLURNEN AM 11. JUNI 2023!

**Liebe Bürgerin, lieber Bürger,**

die nächsten Kommunalwahlen finden am 11. Juni 2023 statt und ermöglichen die Ernennung von Gemeinderäten. Dies sind die ersten Kommunalwahlen, an denen nicht-luxemburgische Einwohner auch ohne die Bedingung eines 5-jährigen Wohnsitzes im Großherzogtum teilnehmen können.

Um an den Kommunalwahlen teilnehmen zu können, müssen Sie spätestens am 11. Juni 2023 das 18. Lebensjahr vollendet haben; Sie müssen 55 Tage vor den Wahlen, d.h. spätestens am 17. April 2023 in der Gemeinde wohnen und sich in die Wählerlisten eintragen. Für Personen mit luxemburgischer Staatsangehörigkeit ist die Eintragung automatisch.

Sie können sich beim Einwohneramt unserer Gemeinde oder online über **www.guichet.lu** mit dem QR-Code in die Wählerlisten eintragen:

Die in den Wählerverzeichnissen eingetragene Person genießt aktives und passives Wahlrecht, d. h. sie muss wählen, weil die Teilnahme an den Wahlen für eingetragene Personen obligatorisch ist. Sie kann auch ihre Kandidatur bis spätestens zum 12. Mai 2023 bei der Gemeinde zu den von der Bürgermeisterin festgelegten Zeiten einreichen.

Gemeinderäte werden für einen Zeitraum von 6 Jahren gewählt und sind wiederwählbar. Stimmberechtigte verfügen über so viele Stimmen wie Gemeinderäte zu wählen sind, also 9 für die Gemeinde Waldbillig. In unserer Gemeinde mit weniger als 3.000 Einwohnern wird nach dem relativen Mehrheitssystem gewählt, d.h. die Kandidaten werden in der Reihenfolge der erhaltenen Stimmen gewählt, ohne dass die Verteilung der Sitze nach dem Verhältnis der Kandidatenlisten erfolgt.

Informationen: **www.jepeuxvoter.lu**

Mit Ihrer Teilnahme an der Kommunalwahl setzen Sie sich ein, für sich selbst, für Ihre Lieben und für das Zusammenleben aller Bürgerinnen und Bürger der Gemeinde.
Sie entscheiden über die Zukunft Ihrer Gemeinde.
Wir sehen uns am 11. Juni 2023!

Der Gemeinderat

icanvote.lu

# EVERYONE GO AND VOTE ON JUNE 11, 2023!

**Dear citizen,**

The next municipal elections will take place on 11 June 2023 for the appointment of municipal councillors. These will be the first municipal elections in which residents who do not have Luxembourg nationality will be able to participate even if they have not resided for 5 years in the Grand Duchy.

To participate in the municipal elections, you must be 18 years old by 11 June 2023 at the latest; you must reside in the municipality and register on the electoral lists 55 days before the elections, i.e. up to 17 April 2023. Luxembourg nationals are automatically registered.

You can register on the electoral lists at the population office of our municipality or online via **www.guichet.lu** using the QR code:

Once you are registered in the electoral lists you will enjoy the right to active and passive voting. In other words you will have to vote, because participation in the elections is compulsory for registered persons; and you may also apply to stand for election, no later than 12 May 2023 at the municipal offices at the times set by the mayor.

Municipal councillors are elected for a period of 6 years and may be re-elected. Voters have as many votes as there are councillors to be elected, namely 9 for the municipality of Waldbillig. In our municipality with less than 3,000 inhabitants, elections are held under the plurality of votes (or “first-past-the-post”) system, i.e. the candidates are elected in the order of the votes obtained, rather than the seats being allocated proportionately from lists of candidates.

Information: **www.jepeuxvoter.lu**

By taking part in the municipal elections, you are making a commitment for yourself, for your family and for all the citizens living together in the municipality: you are helping to determine the future of your municipality.
Looking forward to seeing you on 11 June 2023!

The Municipal Council



# D’GEMENG

D’**Gemengenhaus** ass am *Hentgesbau*, 1, rue André Hentges, L-7680 Waldbëlleg.

**D’Gemeng ass op**

- méindes bis freides vu 7:30 bis 12 Auer,
- dënschdes mëttes vun 13:30 bis 17 Auer,
- donneschdes mëttes vun 13:30 bis 19 Auer.

**Telefonsnummeren an E-Mail-Adressen:**

- Recette 83 72 87 23, recette@waldbillig.lu
- Sekretariat 83 72 87 22, secretariat@waldbillig.lu
- Populatioun 83 72 87 24, population@waldbillig.lu
- État civil/Populatioun 83 72 87 21, gemeng@waldbillig.lu
- Bauten 83 72 87 27, batisses@waldbillig.lu
- Technesche Service 87 81 90, service.technique@waldbillig.lu

**Aktuell Informatiounen:** www.waldbillig.lu

Fir iwwer **sms2citizen** aktuell wichteg Informatiounen op den Handy geschéckt ze kréien, ka jiddweree sech um Internet bei deem heite Link aschreiwen: www.sms2citizen.lu/Subscribe.aspx



Vu lénks no riets:
Pierre Beckené, Kim Ruppert, Martine Dimmer, David Sonnetti, Filipe Soares.

# DE FUUSS

Dräimol d'Joer kënnt de Gemengebulletin **De FUUSS** eraus, deen iwwer d'Gemeng an Ëmgéigend forméiert. De FUUSS gëtt un all Boîte an der Gemeng verdeelt.

Wien net (méi) an der Gemeng wunnt, dee kann De FUUSS bestellen um Sekretariat vun der Gemeng.

Wien interesséiert ass, um FUUSS matzeschaffen, soll wgl. eng Mail schécken: fuuss@waldbillig.lu




# OFFALL

All Datumer an Informatiounen iwwer d'Ewechhuele vun den Déchete stinn um **Offallkalenner vun der Gemeng**, deen am Dezember fir dat ganzt Joer drop opgestallt an all Boîte verdeelt gëtt. Op der Gemeng kritt een eng Kopie dovun, oder op www.waldbillig.lu

**D'Poubellen an d'Biotonne** ginn all Dënschdeg eidel gemaach.

- D'Poubellë ginn et an de Gréisste 40 Liter, 60 Liter, 80 Liter, 120 Liter an 240 Liter.
- Et kann een eng Biotonn vu 40 Liter oder 80 Liter kréien.

Den Deckel vun der Poubelle muss zou sinn, datt se eidel gemaach ka ginn.

**Glas a Pabeier** ka jiddwereen an extra Këschte sammelen. Déi kritt een op der Gemeng, a si ginn all 14 Deeg eidel gemaach.

**Blo Tuten:** Eng Partie recyclabel Verpakunge gi mat de bloen Tute vun der Valorlux all 14 Deeg virun all Haus agesammelt.
Informatiounen: http://valorlux.lu

**D'Superdreckskëscht** fiert reegelméisseg duerch d'Gemeng, fir toxesch Décheten ze sammelen. D'Informatiounen doriwwer stinn um Kalenner an op www.sdk.lu

De Kalenner gëtt och un, wéini **aalt Gezei** gesammelt gëtt.

Fir **Schrott an elektresch Apparate** kann een op der Gemeng froen, datt se ewechgeholl ginn.

Fir **Gaardenoffäll** gëtt et en Dépôt bei Waldbëlleg, nieft der Strooss, déi laanscht d'Schoul op de Freckeisen eropgeet.

**Recyclingcenter Jonglënster:** Fir den Accès kritt ee vun der Gemeng eng Kaart geschéckt. Den Center ass zu Jonglënster, beim Rondpoint uewe bei den Antennen. Et kann een do Décheten aus dem privaten Haushalt ofluededen, ë. a. Sperrmüll, Kartonen, Stëpp, Holz, all Zorte Plastik (zortéiert no de Plastiknummeren 1 fir PET, 5 fir PP, 6 fir PS), Sondermüll.
Informatiounen op www.rcjunglinster.lu

Säin Offall richteg entsuergen – dobäi hëlleft **déi nei App Mäin Offall – Meng Ressourcen**.
Den digitalen Offallkalenner do drop erënnert een drun, seng Poubelle mat Zäit virun d'Dier ze stellen. Eng interaktiv Kaart weist all Sammelplazen am Land.
Déi App gëtt et op véier Sproochen; si ka gratis am AppStore oder bei GooglePlay erofgeluede ginn.

Soss all Informatioune ginn et op www.emwelt.lu



# WAT MAACHE MAT DOUDEGEN ODER BLESSÉIERTEN DÉIEREN?

## Opgepasst!

Blesséiert Déiere si geféierlech! Och den eegenen Hond oder déi eege Kaz. Sech protegéieren ass wichteg! Blesséiert oder doudeg wëll Déieren a friem Hausdéieren däerf een op kee Fall ouni Händschen upaken! Dat zielt och fir blesséiert oder doudeg Mënschen.

## Blesséiert a krank Déieren

**Hausdéieren:** De **Vétérinaire** consultéieren, bei eis an der Gemeng de Cabinet vétérinaire Christnach, Um Bierg 2, 7641 Chrëschtnech, Tel. 26 87 06 03.

Et ginn **Urgencë fir blesséiert oder krank Déieren**, wiertes no 16 a virun 8 Auer an de Weekend. Déi fënnt een op www.collegeveterinaire.lu oder um 112.

**Wëll Déieren:** Blesséiert wëll Déieren däerf een a kengem Fall mat heem huelen. Et kann een uruffen bei der **Fleegestatioun fir wëll Déieren zu Diddeleng** op der Nummer 26 51 39 90. Mat hirem Accord kann een en Déier an de regionalen Drop-off ginn, zu Jonglënster am Centre d'incendie et de secours, 1, rue Emile Nilles.

Informatiounen:
www.centredesoins.lu



# Doudeg Déieren

**Kleng wëll Déieren** dobaussen soll ee leie loossen, ausser et ass eppes louche oder geféierlech, oder et si grouss Déieren: Da soll een de **Fierschter** kontaktéieren, bei eis de **Joe Mensen** op der Nummer 621 20 21 35 oder um E-Mail joe.mensen@anf.etat.lu, oder d'Police um 113. Dat zielt och, wann een der op der Strooss oder op sengem Terrain fënnt.

En **doudege Fuuss** sollt een dem Fierschter oder um Telefon 247 56-522 mellen. E gëtt dann ofgeholl an ënnersicht.

Eventuell kann een de Kadaver an engem Centre de ramassage ofginn, wou een awer virdru muss e RV froen. Bei eis an der Géigend:

- zu Beefort vu méindes bis freides vun 8:00 bis 16:30 Auer.
  Virdrun den Här Marc Hoffmann uruffen um 621 20 21 27 oder um 247 56-760.

- zu Iechternach vu méindes bis freides vun 8:00 bis 15:30 Auer.
  Virdrun den Här Tom Müller uruffen um 621 20 21 37.

- zu Tandel vu méindes bis freides vun 8:00 bis 16:30 Auer.
  Virdrun den Här Jo André uruffen um 621 20 21 00 oder um 247 56-772.

**Doudeg Hausdéieren**, also haaptsächlech Hënn a Kazen, kann ee beim Vétérinaire ofginn. Kleng Déiere wéi z. B. Kaze kann ee bei sech vergruewen, wann een eng Autorisatioun vun der Vétérinairesinspektioun freet a kritt (an se esou laang an d'Déifkilltru leet).
Adress: **Division de l'inspection vétérinaire**,
7b, rue Thomas Edison, L-1445 Strassen, Tel. 247 82-539, Fax 40 75 45.
Postadress: B.P. 1403, L-1014 Luxembourg.

# MOBILITÉIT

**Buslinnen – Horairen** op www.mobiliteit.lu. Hei stinn och d'Moficatioune vun den Trajeten, déi néideg ginn, wa Stroosse gespaart sinn.

D'Bussen an der Gemeng sinn déi heiten, mat de Frequenzen an der Woch; de Weekend fuere manner Bussen.

D'Buslinn **222** tëscht Beefort a Lëtzebuerg/Kierchbierg hält zu Haler, Waldbëlleg a Chrëschtnech. Si fiert iwwer Jonglënster op de Kierchbierg bei den Tram, déi aner Säit op Beefort, eemol d'Stonn vu moies kuerz no 5 bis owes no 11.

De Bus **231** fiert all Stonn vu Beefort iwwer Cruuchten op d'Mierscher Gare an hält zu Haler a Suewelbuer.

De Bus **232** fiert vun Haler op Miersch iwwer d'Fiels, Noumer, Glabech. Méischdref an hält zu Haler, Waldbëlleg a Chrëschtnech. E fiert all Stonn vu moies viru 6 bis kuerz virun Hallefnuecht.

De Bus **241** fiert vu Freckeisen op Dikrech an hält um Freckeisen, zu Chrëschtnech, Waldbëlleg an Haler. E fiert déi voll Stonn fort vu 5 Auer moies bis 11 Auer owes.

De Bus **242** fiert all Stonn oder all zweet Stonn vu Chrëschtnech iwwer Waldbëlleg a Mëllerdall op Jonglënster.

De Bus **262** fiert all Stonn oder all zweet Stonn tëscht der Fiels a Konsdref an hält zu Chrëschtnech, Waldbëlleg a Mëllerdall.

D'Bussen **B05** , **B07** (Iechternach), **B06** (Navette), **C07**, **C17** (Jonglënster), **H03** (Miersch), **K05** (Navette), **K06** (Ettelbréck) si fir de Schoultransport reservéiert.



# DE BUMMELBUS

De Bummelbus ass en **Transportservice op Demande** vum Forum pour l'emploi, vun deem d'Awunner aus verschiddene Gemenge kënne profitéieren, dorënner och déi vu Waldbëlleg.

De Bummelbus féiert Iech op Rendez-vous an d'Ëmgéigend a bréngt Iech heem. Je no Distanz kascht dat 2 bis 13 Euro fir ee Wee. De Bummelbus fiert an der Woch vu 6:30 bis 21:15 Auer, samschdes vun 8:15 bis 16:00 Auer.

De Rendez-vous ka bis 30 Minutten am Viraus gebucht ginn, um Telefon 26 80 35 80 vun 8 bis 18 Auer vu méindes bis freides, oder iwwer E-Mail bummelbus@fpe.lu

Op der Bummelbus-App kann een all Faarte selwer buchen an och annuléieren. Et kritt een den Trajet vum Bus eng hallef Stonn virun der Faart live ugewisen. Et kann ee mat Kaart iwwer d'App bezuelen.

De Bummelbus ass nomëttes meeschtens ausgebucht, wann d'Schoulkanner an hir Fräizäitaktivitéite gefouert ginn. Faarten déi Zäit sinn dacks net méiglech an et muss ee flexibel sinn.

# DEN NIGHTRIDER

Den Nightrider fiert am ganze Land, freides a samschdes vun 18 Auer bis den anere Moien um 5 Auer. Et bucht een den Nightrider am Viraus, ewéi en Taxi.

Fir d'Bierger an der Gemeng Waldbëlleg zielen déi heite Virdeeler, wann si sech en Nightrider-Abo op der Gemeng kafen:

- Abo fir Jugendlecher bis 25 Joer (inklusiv) – 25 Euro fir all Faarte pro Joer;
- Abo fir Erwuessener – 100 Euro fir bis zu 12 Faarte pro Joer (en Aller-retour zielt als 1 Faart).

# TOURISSEM

Am **Touristcenter Heringer Millen** am Mëllerdall ginn et Kaarte fir Wanderweeër ze kafen an och regional Produkter. Et kritt ee Wandermaterial ze lounen, et kann ee sech Picknickkierf bestellen, oder esouguer Iessrucksäck, mat regionale Produkter.

Adress:
Touristcenter Heringer Millen
1, rue des Moulins
L-6245 Mullerthal
Tel. 87 89 88
touristcenter@mullerthal-millen.lu
www.mullerthal-millen.lu

Den Touristcenter op der Heringer Millen ass op vun 9:30 bis 16:30 Auer, déi heiten Deeg:

- vum 3. Januar bis den 2. Abréll 2023: dënschdes bis samschdes;
- vum 3. Abréll bis den 28. Mee 2023: mëttwochs bis sonndes;
- vum 29. Mee bis den 17. September 2023: all Dag;
- vum 18. September bis den 31. Oktober 2023: mëttwochs bis sonndes;
- vum 1. November bis den 23. Dezember 2023: dënschdes bis samschdes.

Vum 24. Dezember 2023 bis den 8. Januar 2024 ass zou.

Aktuell Informatiounen iwwer den Zoustand vun deene Wanderweeër stinn um Site www.mullerthal-trail.lu/actualité-des-chemins

Informatiounen iwwer déi schéinste Plazen an der Gemeng stinn och op Facebook um Site vun der Gemeng Waldbëlleg a gi reegelméisseg aktualiséiert.





# CARTE D'IDENTITÉ

**Op der Gemeng** freet een, fir eng nei Carte d'identité ze maachen.
D'Taxe de chancellerie fir d'Gemeng beleeft sech op 5 Euro. Den Tarif fir de Staat ass 14 Euro, fir déi Kaarten déi 10 Joer gülteg sinn (wann ee méi wéi 15 Joer al ass), 10 Euro fir d'Identitéitskaarten, déi 5 Joer gülteg sinn (fir Kanner tëscht 4 a 15 Jar) a 5 Euro fir déi Kaarten déi 2 Joer gülteg sinn (fir Kanner ënner 4 Jar).

Dëse Betrag kann op der Gemeng bei der Demande mat Digicash bezuelt ginn. Et ass och méiglech, en am Viraus un de Centre des technologies de l'État ze iwwerweisen, per Virement op de Kont CCPL LU44 1111 7028 7715 0000, TS-CE CTIE, Cartes d'identités, Luxembourg. De Beleeg vun der Iwwerweisung muss ee mat op d'Gemeng bréngen.

D'Foto gëtt op der Gemeng gemaach. Déi al Kaart muss ee matbréngen; ass se verluer gaang oder geklaut ginn, brauch een eng Attestatioun vun der Police.

Vu 15 Joer un ass eng Carte d'identité obligatoresch. Kanner ënner 15 kënnen eng kréien. D'Eltere mussen a béide Fäll d'Demande maachen.

Den Délai ass 10 Schaffdeeg.

# PASS

Och de Pass kann **op der Gemeng** ugefrot ginn. En ass 5 Joer gülteg. Bei Kanner bis 4 Joer ass e just 2 Joer gülteg.

Och hei gëtt d'Foto op der Gemeng gemaach. Den ale Pass muss ee matbréngen. Ass e verluer gaang oder geklaut ginn, brauch een eng Attestatioun vun der Police.

Käschten:

- 5 Euro Taxe sinn un d'Gemeng ze bezuelen.
- Fir de Staat si 50 Euro ze bezuele fir e Pass. Beim Pass fir Kanner ënner 4 Joer sinn et 30 Euro. Dëse Betrag ass am Viraus ze bezuelen, per Virement op de Kont CCPL LU46 1111 1298 0014 0000 vum Bureau des passeports.
  De Beleeg vum Virement muss ee mat op d'Gemeng bréngen.

Et dauert siwe Schaffdeeg, bis de Pass op der Gemeng kann ofgeholl ginn.



Et kann een de Pass och direkt ufroe beim

**Bureau des passeports, visas et législations**

6, rue de l'Ancien Athénée
L-1144 Luxembourg
Tel. 24 78 83 00

D'Foto gëtt dann um Passbüro gemaach.

Et gëtt eng Procédure d'urgence, wann et presséiert; dat kascht dann 150 Euro.



# BRAUCHT DIR HËLLEF?

## Urgence

- Accidenter ouni Blesséierter: Telefon 113, Police
- Accidenter mat Blesséierten: Telefon 112, Ambulanz
- www.112.lu: Spideeler an Apdikten, déi Garde hunn

## Police

Fir d'Gemeng Waldbëlleg ass de **Commissariat Iechternach** zoustänneg:

2, rue du Pont, L-6471 Echternach
Postadress: B.P.47, L-6401 Echternach
Tel. 244 72 10 00

Et kann een och iwwer den Online-Guichet vun der Police fueren,
bei guichet.public.lu ënner *Services en ligne*.

## Medizinesch Servicer, Hëllef doheem

**Maison médicale du Nord**,
110, avenue Lucien Salentiny, Ettelbruck:
Do ass en Dokter, an der Woch vun owes 8 Auer bis Hallefnuecht, de Weekend an d'Feierdeeg vun 8 Auer moies bis Hallefnuecht. Et dierfe just Patienten dohinner, déi kee Covid hunn, alleng kommen an eng Mask opdinn.

No Hallefnuecht muss een den 112 uruffen, déi den Dokter an der Maison médicale kontaktéieren, dee sech da beim Patient mellt.

**Dispensaire an der Fiels**, 29, chemin J.A. Zinnen, Larochette.
De Büro ass besat vu méindes bis freides tëschent 7:30 a 16:30 Auer.
Telefon 40 20 80 34 00.

- Bluttanalyse vu méindes bis freides moies tëschend 7 an 11 Auer;
- Sprëtzen a Verbänn op Rendez-vous;
- Organisatioun vu Fleeg doheem.

# Defibrillateur

En Defibrillateur hänkt

- **zu Waldbëlleg:** virun der Gemeng
  a virum Pompjeesbau;
- **zu Chrëschtnech:** virun der Kierch nieft dem Busarrêt;
- **zu Haler:** virun der Schoul vum Précoce;
- **am Mëllerdall:** virum Restaurant Heringer Millen.

Am Fall vun engem Häerzstëllstand ass séier Hëllef immens wichteg. Et soll een do fir d'éischt den 112 ruffen, dann d'Häerz 120 Mol pro Minutt masséieren a wa méiglech en Defibrillateur asetzen. Deem säi Gebrauch ass um Apparat beschriwwen a ganz einfach.

# Sozial Hëllef

- **Office social**, 6, rue de Medernach, L-7919 Larochette.
  Et ass op méindes bis freides vun 8:30 bis 16:30 Auer.
  Telefon 26 87 00 23
  E-Mail info@osclarochette.lu

- Selwecht Adress **Regional Beoptragte fir sozial Aglidderung (ARIS)**
  REVIS, Hëllefe beim méi deiere Liewen, beim Loyer, bei Justizaffairen
  méindes bis freides vun 8:30 bis 14:30 Auer.

# HEINZELMÄNNERCHER

Eeler Bierger vu 60 Joer un aus der Gemeng Waldbëlleg kënne vum Service D'Heinzelmännercher vum CIGR (Centre d'initiative et de gestion régional) Mëllerdall profitéieren.

Op Rendez-vous ginn do Aarbechten doheem erleedegt, zu engem gënschtegen Tarif: 15 Euro d'Stonn pro Heinzelmännchen plus 5 Euro pro Maschinn.

Déi heiten Aarbechte kënne gemaach ginn:

- kleng Reparaturen ewéi Rollluede flécken, Schlässer ersetzen, verstoppte Kanalréier opmaachen, e Krunn flécken,
- Wiss méien, Uebstbeem schneiden, Hecke schneiden,
- op d'Haus oppassen,
- Schnéi schëppen, Blieder ewechraumen,
- e Graf an d'Rei setzen ...

Telefon 28 80 80, E-Mail mellerdall@cig.lu

# SERVICE AUX CITOYENS

Och de Service aux citoyens vum Forum pour l'emploi ka geruff ginn, fir Schnéi ze schëppen um Trottoir a ronderëm d'Haus.

Tarif: 34,85 Euro pro Hallefstonn fir d'Ekipp, 0,70 Euro fir all Kilometer vum Trajet.

Telefon 80 48 85-1
E-Mail info@fpe.lu

Auerzäiten: vu méindes bis freides, vun 8 Auer moies bis mëttes hallwer 5, feierdeegs ass zou.

# CLUB SENIOR AN DER LOUPESCHT

De Club Senior, mat Sëtz zu Beidler an der aler Schoul, bitt mat engem variéierte Programm eng Plaz un, wou d'Matbierger aus der Regioun, déi 50 Joer a méi hunn, sech kënne begéinen a bei Aktivitéite matmaachen. De Club Senior huet de speziellen Optrag, fir den intergenerationellen Austausch ze fërderen.

Duerch d'Zesummenaarbecht mat de Gemenge Bech, Betzder, Konsdrëf, Jonglënster a Waldbëlleg huet de Club Senior e regionale Charakter an ënnerstëtzt den Zesummenhalt vun de Bierger aus der Regioun.

D'Aktivitéite gi bekanntgemaach duerch eng Brochure, déi reegelméisseg un all Haushalt verdeelt gëtt.

Kontakt:
2, rue de l'École zu Beideler
Telefon 27 55-33 95
E-Mail club-loupescht@croix-rouge.lu

De Büro ass wiertes op vun 9 bis 13 Auer.





# MAISON RELAIS A SCHOUL

D'**Primärschoul**, also d'Cyclen 2, 3 a 4 vun der Grondschoul, ass am Schoul- a Sportzenter Michel Rodange baussent Waldbëlleg, de **Préscolaire** fënnt een am Zentrum vu Waldbëlleg bei der Gemeng an de **Précoce** ass zu Haler.

D'**Maison relais** ass am Zenter Michel Rodange an hëlt Kanner vun 18 Méint un op a fonctionéiert 50 Wochen am Joer, vu 6:45 bis 18:30 Auer.

Et gëtt do fir d'Kanner gekacht. Et gi vill Aktivitéiten ugebueden an och vu méindes bis donneschdes e Cader vun enger Stonn geschaf, datt d'Kanner hir Hausaufgabe kënne maachen.

Déi kleng Kanner, déi nach net an d'Schoul ginn, kënne ganz Deeg an d'Maison relais kommen, oder just pro Plage. D'Maison relais assuréiert den Transport vun de Kanner, déi bei hinnen ageschriwwe sinn, fir an de Précoce.

Telefon 87 88 46 40,
E-Mail maisonrelais.waldbillig@ecole.lu

All Informatiounen iwwer d'Maison relais an d'Grondschoul stinn am Schoulbuet, dee virun all Rentrée Ufank September un d'Eltere verschéckt gëtt an um Site www.waldbillig.lu steet.

# ELTEREVERTRIEDER

D'Elterevertrieder sinn am Oktober 2022 gewielt ginn.

**An der Schoulkommissioun sinn:**
Sandy Moulin, moulin2405@gmail.com
Jean-Marc Felgen, jmfel.jmf@gmail.com

**Dei aner Elterevertrieder sinn:**
Colin Zandstra, zandstracolin@hotmail.com
Christian Pierret, pierret-business@pt.lu
Chantal Meyers-Albert, chantal.albert1@gmail.com

# SCHOULTRANSPORT

Déi vill Autoe bei de Schoulen sinn e Risiko fir d'Sécherheet vun de Kanner an d'Pénktlechkeet vum Schoultransport.
Dofir biet d'Gemeng d'Elteren, datt se hir Kanner mam Bus an d'Schoul schécken.

# SERVICE KRANK KANNER

De Service Krank Kanner Doheem bitt eng individuell Betreiung vu kranke Kanner doheem un. Dës Déngschtleeschtung erméiglecht et den Elteren, schaffen ze goen, an hire Kanner, doheem an där gewinnter Ëmgéigend kënne gesond ze ginn. Ufroe vun Elteren, déi elengerzéiend sinn, gi prioritär behandelt.

D'Tariffer fir d'Betreiungen hänke vum Akommes vum Stot of a stinn op der Internetsäit vu Femmes en détresse a.s.b.l. ënner der Rubrik Service Krank Kanner Doheem.

Fir d'Gardë bei elengerzéiende Famille gëtt e Certificat de résidence élargi gefrot.

D'Onkäschten fir de Parking an d'Frais de route vun der Betreierin ginn zousätzlech verrechent: eng hallef Stonn Frais de route fir den Territoire vun der Stad Lëtzebuerg, eng ganz Stonn fir all aner Gemenge vum Grand-Duché.

D'Betreiunge kënnen tëschent 7 an 19 Auer gemaach ginn. D'Betreiungszäit pro Dag dierf net méi laang wéi néng Stonne sinn.

Vum zweete Betreiungsdag un ass eng Visite beim Dokter néideg.

All d'Mataarbechterinne vum Service hunn eng Ausbildung am sozio-familiäre Beräich an huele reegelméisseg un interne Formatiounen deel, déi vum Service organiséiert ginn.

Fir weider Informatiounen: Telefon 48 07 79, méindes bis donneschdes vu 7 bis 12 Auer a vu 14 bis 18 Auer, freides vu 7 bis 12 Auer.

Fir d'Organisatioun vun de Gardë méi einfach ze maachen, kann am Viraus eng Fiche d'inscription ausgefëllt ginn. Dat geet online: https://skkd.lu/inscription

# VERLUER A FONNT

Informatiounen an der Gemeng um Telefon 83 72 87 22.

# DE BICHERBUS AN D’BICHERSAIL

De **Bicherbus** fiert duerch d’ganzt Land a kënnt reegelméisseg donneschdes bei de Fussballsterrain Am Lahr zu Chrëschtnech. E steet do vun 10:50 bis 11:20 Auer.

- 26. Januar
- 23. Februar
- 16. Mäerz
- 20. Abrëll
- 11. Mee
- 8. Juni
- 29. Juni
- 20. Juli

D’Datumer vum leschten Trimester ginn am Summer fixéiert.

Dir kënnt Iech op der Plaz aschreiwen, fir Bicher ze léinen.

Virun der Gemeng steet d’**Bichersail**. Si huet d’Form vun enger Telefonskabinn.

Jiddwereen dierf sech zu jiddwer Zäit e Buch oder Bicher eraushuelen a mat heem huelen. Dat kascht näischt. Et kann een d’Bicher halen oder se hanneschtbréngen.

Jiddwereen dierf och Bicher drastellen, esou laang Plaz ass. Et solle wannechglift just Bicher a guddem Zoustand, an d’Inhalter manéierlech an net extremistesch sinn.



# ASSOCIATIOUNEN A VERÄINER

## Aeromodelliste Chrëstnech (AMC)

Treffpunkt Aéroport Fons Mehlen am Vugelsboesch bei Chrëstnech, wann d'Wieder gutt ass.
Kontakt: Pol Mehlen, Telefon 87 90 17 oder 621 21 91 29.

## Badminton Regioun Mëllerdall

Fir Kanner, Jugendlech an Erwuessener, déi Badminton als Kompetitiouns- oder Hobbysport wëlle spillen, aus de Gemengen Ärenzdall, Bäertref, Beefort, Fëschbech, Fiels, Hiefenech, Konsdref, Noumer a Waldbëlleg.
Kontakt: Luc Schmidt, Telefon 691 82 15 92.
E-Mail badmellerdall@gmail.com
Internet www.badmintonregiounmellerdall.lu

## Chorale Sainte Cécile Christnach

Kontakt: Charles Bernard, Telefon 87 90 48.

## Club des Jeunes Chrëschtnech

Fir déi Jonk tëscht 15 a 35 Joer aus der Gemeng Waldbëlleg.
Treffpunkt: 7, Fielserstrooss, Chrëschtnech.
Kontakt: Facebook, oder E-Mail cdj.christnach@gmail.com

## Elterevereenegung Waldbëlleg

Fir d'Eltere vun de Kanner aus der Waldbëlleger Grondschoul.
Organisatioun vun Evenementer an a ronderëm d'Schoul.
Kontakt: Chantal Albert, E-Mail chantal.albert1@gmail.com

## Ëmmer fit

Gymnastikcoursë fir Dammen, méindes owes um 19:30 Auer an der Sportshal zu Waldbëlleg.
Kontakt: Christine Heidt, E-Mail emmer.fit@gmail.com



## FC Olympia Chrëschtnech-Waldbëllig

Fussballsekippen an de Kategorien Bambinis, Pupilles, Poussins, Minimes, Cadets an, bei de Senioren, eng Dammenekipp an zwou Männerekippen.
Kontakt: Tom Meyers, Telefon 691 34 72 91, E-Mail meyerstom@gmail.com

## Frae Chrëschtnech

Kontakt: Andrée Henx-Greischer, E-Mail henxa@pt.lu

## Frënn vun de Pompjeeë Gemeng Waldbëlleg

Kontakt: Jonathan Thill, President, Telefon 691 66 98 42,
E-Mail thilljonathan@yahoo.de
oder Fränk Diederich, Vizepresident, Telefon 691 82 29 97,
E-Mail diederichfraenk@gmail.com

## Haler Leit

Fir d'Awunner vun Haler an hir Frënn.
Kontakt: Gaby Larry-Weydert, Telefon 83 66 04, E-Mail larrygab@pt.lu

## Jonk & Al Waldbëlleg

Kontakt: Willy Smit, President, Telefon 87 83 28, E-Mail smitgl@pt.lu
oder Henriette Baden, Sekretärin, Telefon 621 38 49 76.

## Mëllerdaller Männerchouer

Fir all Hären, déi wëlle matsange bei kierchlechen a profane Lidder.
Kontakt: Claude Hansen, President, Telefon 661 72 13 13,
E-Mail claude.hansen@education.lu

## Sang mat Waldbëlleg-Haler

Gemëschte Kierchechouer. D'Chorale sëngt mat der Chorale Ste Cécile vu Beefort zesummen. Mir prouwen ëmmer donneschdes um 20 Auer zu Beefort.
Kontakter: Baden-Lobitz Danielle, Telefon 691 63 22 49,
Boonen Louis, Telefon 691 40 80 61
E-Mail sangmat.waldbëlleg@pt

## Société préhistorique luxembourgeoise

Fir all Leit, déi sech fir d'Virgeschicht interesséieren. Siège: Waldbëlleg.
D'Société préhistorique huet hir Bibliothéik zu Waldbëlleg an der Sportshal.
Wien déi wëllt kucke goen, soll d'Madamm Marie-Paule Wagner kontaktéieren
E-Mail wmarie@pt.lu
Internet www.prehistoire.lu

## Uergelfrënn Waldbëlleg

Entretien vun der Waldbëlleger Kierchenuergel an Organisatioun vu Concerten an der Waldbëlleger Kierch.
Kontakt: Henry Wickens, Telefon 621 45 32 52, E-Mail tortoise@vo.lu

## Waldbëlleger Musek

Kontakt: Annik Reinert, Presidentin, Telefon 661 91 64 85,
E-Mail annikreinert@gmail.com
Internet www.waldbelleger-musek.lu

## Syndicat d'initiative et de tourisme Waldbillig

Touristcenter Heringer Millen,
Kontakt: Telefon 87 89 88,
E-Mail info@mullerthal-millen.lu
Internet www.mullerthal-millen.lu

